



POMPJEESVERBAND

FLASH November 2022

Kolleeginnen a Kolleegen Pompjeeën am CGDIS,

E puer wichteg Informatiounen :

Ausseruerdentlech Generalversammlung

Den 24. November huet de Pompjeesverband eng ausseruerdentlech Generalversammlung um CNIS ofgehalen. Déi verbessert Finanz Berichter sinn, no detailléierten Erklärungen vun den Caisserevisoren, eestëmmeg vun der Versammlung ugeholl ginn. Ursach vun den Problemer mat dem am Fréijoer präsentierten Bilan war haaptsächlech eng "technesch Operatioun" déi 2019 net gemaach gouf: den Report vun de Solden 2018 op 2019. Dëst gouf nogeholl an no den néidegen Operatiounen war alles an der Rei. Bemierkt gouf och, datt Depensen a Recetten vun Ufank u Richtig waren.

Reform vum Pompjeesverband

Op der ausseruerdentlecher Generalversammlung sinn och d' Pläng fir eng Reform vum Pompjeesverband an d' Weeër ze leeden presentéiert ginn. D' Versammlung huet des Propose eestëmmeg ugeholl. (Anhang: Presentatioun Reform FNP 2022)

An de nächste Wochen a Méint schafft de Pompjeesverband mat Virschléi vun allen Acteuren aus dem Pompjeeswiesen, mat Experten a mat auslännesche Verbänn eng Propose aus fir de Verband vu Grond op ze reforméieren. D' Zil ass et, e Verband ze schafen, vun deem jiddereen eppes huet, deen fir all Pompjee do ass. Jiddereen ass dofir och invitéiert, sech mat sengen Iddien anzebréngen.

Steieren op de Remboursement vun Assuranceprimen

Mir krute matgedeelt, datt verschidde Steierbüroen op eemol déi vun eis schonn 2018 mat Erfolleg kontestéiert, an och bis elo ni applizéiert, Mesure uwennen, de Remboursement vun Assurance- resp. Pensiounsprimen duerch de CGDIS als negativ "Dépenses spéciales" unzurechnen. D' Resultat ass, datt de Montant imposable an d'Luucht geet, an eis Leit Steieren nobezuele mussen.

Dat ass ob jiddwer Fall net, wat de Legislatueur am Artikel 39 vum CGDIS-Gesetz fest geschriwwen huet: un tel *remboursement est exempt d'impôts*. Dëse Wëllen an eis Interpretatioun gouf ons och 2018 vum Inneminister bestätegt. Mir bleiwen hei um Ball! Wann dir betraff sidd, dann deelt ons dëst w.e.g. iwwer bureau@fnsp.lu mat.

Sait 1 vun 2



bureau@fnsp.lu



28 55 641



www.fnsp.lu



<http://www.facebook.com/fnsp.lu/>



3, blvd. De Kockelscheuer
L-1821 Lëtzebuerg



POMPJEESVERBAND

FLASH November 2022

Postlaf "mam Pompjeesverband"

D' Sportkommissioun vum Pompjeesverband huet sech mam Veranstalter vum Postlaf, eng Stroosse-Course vun 10 km, a Verbindung gesat fir eng Kategorie fir d' Pompjeeën anzeféieren. De Postlaf fënnt den 12.03.2023 statt, interesséiert Pompjeeën kënnen sech bis den 16.02.2023 beim Verbandsbüro dofir umellen, d' Startgeld ass 17 €. Fir déi 6 beschte Leefer bei de Männer a Fraen ass och e Präisgeld virgesinn. Méi Informatiounen fannt dir op eisem Internetsite www.pompjeesverband.lu.

Marc MAMER
President

Sait 2 vun 2



bureau@fnsp.lu



28 55 641



www.fnsp.lu



<http://www.facebook.com/fnsp.lu/>



3, blvd. De Kockelscheuer
L-1821 Lëtzebuerg